

Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien

16.08.2026



WM Masteren Fortaleny Spanien 2026
Gudden Owend aus Spanien vun der Masters WM zu Fortaleny.

Haut hate mer eisen éischten Trainingsdag an der Box 9 an zwar an der Uertschaft selwer. Direkt mol festgestallt dass déi 3 Boxen 8, 9 an 10 deen schmuelsten Deel vun der ganzer Streck sinn. Ech mengen Sauer ass ob der Hermeswiss mei Breed ewéi do wou mir haut souzen. An esou wei mer

Fotoen gesinn hunn vun der Streck éier mer gefuer sinn, mei schlëmm huet et sech dann och ugefillt, wann een 6-7 mol huet missen déi Trappen erof goen mam Geschier fir ob Platz ze kommen. An dat bei 35 Grad. Jo, et ass eng Masters WM. Den Alter geet bei 55 un. Et kann een ob jidderfall soen dass mer hei des Woch e bëssen vun eiser Fitness vun jonken Joren erëm kréien.

Elo awer zur Fëscherei. Mir haten eis schonns e bëssen ofgeschwat mam Fudder, Köderen an Monturen. Mee, ewéi ëmmer ass den Ufank schwéier fir un d'Fësch ze kommen. Blénkerten waren dann och den dominanten Fësch. Ob Mueden 3-4, oder Wierm 2-3 oder gemëscht, Blénkerten vun bis zu 15 Gramm hunn et fäerdeg bruecht



4 Mueden ob 14er Kreep propper ze schlécken. Eng kleng Erënnerung un Grondelen koum dann och direkt ob. De Brandy huet als éischten dann et awer fäerdeg bruecht fir e puer Karauschen an klenger Kaarpercher ze fänken. Ech selwer hunn dann no 2,5 Stonnen menger Stuerheet en bëssen een Stouss ginn an endlech mam Mais gefësch. Oh Wunder, dunne eréischt hunn ech och mol Touchen kritt an e bëssen kennen fänken. Am groussen Ganzen ass et ganz ok.

Den John hat dann och wéinstens en Kaarp vun ëm déi 2 Kilo. Bonus Fësch déi gefaangen mussen ginn. Muer setzen mer an der Box 5.

Als Noperen hu mer d'Engländer niewent eis setzen. Ee Gléck. Well do kann een ëmmer eppes ofkucken.

Ze Ernimmen ass nach dass Stëmmung tadellos ass, elo schonns een grouse Merci un eis Begleeder dem Fern, Dan, Anouk an och dem Viv fir déi formidabel Aarbecht. Esou kann de Fëscher sech mol ob seng Fëscherei virbereeden ouni Stress ze hunn. Elo geet et un den Dësch, Energie muss ofgelueden ginn an muer ass dann den 2ten Trainingsdag.

Ee schéinen Bonjour vun der ganzer Equipe.

Fernand Schmitt Member Equipe

